Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2026

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst, datt

- an der Kommissiounssëtzung vum 27. Januar 2026 presentéiert gouf, wéi d'Toiletten am LTC sollten ausgesinn, wat ënnermauert gouf mat Skizzen a mat der Ausso: "Et gëtt an Zukunft just nach 'WC' dropgeschriwwen, et gëtt net méi den Distingo gemeet tëscht enger männlecher oder weiblecher Toilette.";

- d'Kommissiounspresidentin dëst en Dag méi spéit um Radio 100,7 bestätegt an erklärt huet: "...mee do geet et drëms eng modern Léisung ze fannen, an do ass decidéiert ginn, dass Der net méi zwee separat Raim hutt, mat engem Männlein, dee gezeechent ass virun der Dier, oder Weiblein, mee do gëtt et einfach ee grousse Raum...";

stellt fest, datt

- dëst zu vill Kritik am Land gefouert huet;

- d'Kritik sech op d'Gefäerde vu Sécherheet a Schutz vu Privatsphär an Intimitéit bezitt;

fuerdert d'Regierung op,

- och an Zukunft an alle Schoulgebaier separat Jongen- a Meedercherstoilettë bäizebehalen.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742